








GROUSSBUS-WAL

GEMENG WÄISWAMPECH

Gemeng BEEFORT Déiljen | Grondhaff

# " Dat doten ass nach eent vom Simchen "

*an enger klenger Ausstellung weise märr Iech dem Kräizer Simchen vo Beefort seng handwierklech Konscht. Dem Néckel SIMON seng knuarrig Kräizer sënn och haut nach a villen Haiser ze fannen.*

*Kommt se kucken a loosst Iech d'Geschicht von deem Mann, dee jorelaang als Konschthandwierker an Hauséierer zu Fouss ënnerwee war, erzielen.*

**zu Randschelt am Musée Thillenvogtei**
**vom 25. Abrëll 2026 bis den 10. Mee 2026**

**zu Bënzelt am Musée A Schiewesch**
**vom 11. Mee 2026 bis den 18. Mee 2026**

**an der Gemeng Beefort**
**vom 20. Mee 2026 bis iwwer Päischten**

***Där sidd häerlechst agelueden***





Wann ech mech a menger Fräizäit mat menge Geschichte von Draufelt ofginn, entsti Spéin an dat heiten ass dann esou e Spoun.

Ech stinn nach bei menger Groussmamm an der Schold, well ech eppes net esou konnt maachen, wéi märr dat ofgemaach haten. A fir dat nach zum Deel guttzemaachen, honn ech e bëssen iwwert de Simche vo Beefort nogesicht an eng kleng Erënnerung zesummegestallt.

Sécher hat hie menger Bom zu Knapphouschent en Herrgott verkoft, ma fir mech war hie keen einfachen Hauséierer, ma viron allem e Konschthandwierker. Dat beweisen all déi mat Léift geschnëtzten Herrgotter, déi hei an der Ausstellung ze gesi sënn.

Ech freeë mech iwwert ären Interessen

Nico HAMEN von Draufelt

Eng grouss Hëllef beim Ausschaffe von dësem Projet waren, an dofir soen ech hinnen e grousse Merci:

dem André KIRSCH, dem Fred HUET, dem Jos NERANCIC, dem Georges SCHAAF an all deene Leckt, déi märr e Kräiz ausgeléint honn.

Draufelt am Fréijoer 2026



Thillenvogtei zu Randschelt



Musée “A Schiewesch” zu Bënzelt



Schlass Befort